LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

SCHWÄTZMAT.lu

# Ännerungen am Pensiounsregimm

**ab 1. Januar 2026**

## Erhéijung vum Kotisatiounstaux

1. Januar 2026

24% → **25,5%**

De Kotisatiounstaux klëmmt den 1. Januar 2026 vu 24 % op 25,5 %. All Partie bedeelegt sech an d'Upassung gëllt bis 2032.


**Salarié·e**
- 8,5% ECH
- 8,5% MÄIN EMPLOYEUR
- 8,5% STAAT

**Fräiberuffler·in**
- 17% ECH
- 8,5% STAAT

**Ëffentlechen Déngscht**
- 8,5% ECH
- 17% STAATS-BUDGET

gëllt bis 2032

## Progressiv Pensioun




Duerch d'progressiv Pensioun kann een no 40 Joer Versécherungscarrière weider an Deelzäit schaffen a gläichzäiteg en Deel vu senger Pensioun ausbezuelt kréien – mam Accord vum Employeur. Esou kann een am Alter manner schaffen a seng Versécherungscarrière weider opwäerten.

# Ännerungen am Pensiounsregimm

ab 1. Januar 2026

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

SCHWÄTZMAT.lu

## Flexibel Unerkennung vun de Studiejoer

1. Januar 2026

18 JOER — ~~27 JOER~~ — legale Pensiounsalter 65 JOER

9 Studiejoer → Versécherungs-carrière

Wéi bis elo kënnen ab 18 Joer bis zu 9 Studiejoer ugerechent ginn. D'Altersgrenz vu 27 Joer fält vum 1. Januar 2026 ewech.

## Erhéijung vun der Versécherungscarrière fir virzäiteg an d'Pensioun ze goen

| Juli 2026 | 2027 | 2028 | 2029 | 2030 |
|---|---|---|---|---|
| +1 Mount | +2 Méint | +4 Méint | +6 Méint | +8 Méint |

Déi 40 Joer Versécherungscarrière, déi ee brauch fir mat 60 Joer virzäiteg an d'Pensioun ze goen, ginn ab 2026 bis 2030 schrëttweis em 8 Méint erop.

40 Joer
Versécherungscarrière

### Net betraff sinn:

- Virzäiteg Pensioun mat 57 Joer no mindestens 40 obligatoresche Cotisatiounsjoer
- Virzäiteg Pensioun fir Schicht- oder Nuetsaarbecht a préretraite-ajustement
- Leit, déi mat 65 Joer an d'Pensioun ginn
- Leit, déi schonn eng Pensioun kréien